**Club Am Schlass**

*centre de rencontre*



# | HIERSCHT |
# 2024













# DE "CLUB AM SCHLASS"
# HIERSCHT 2024





Als éischt emol en decke Merci fir de léiwen Accueil vum Mandy an är Waarmhäerzegkeet a Fréndlechkeet déi dir him entgéint bruecht hutt.

Et ass erëm esou wäit, déi reenereg a kal Zäiten zéien erëm an eist klengt Ländchen, d'Blieder vun de Beem huelen erëm déi wonnerschéin Hierschtfaarwen u bis se erof fale fir dem Wanter an där heemlecher Chrëschtzäit Plaz ze maachen.

Fir Iech an dëse groen Zäite vill Freed ze bréngen, hu mir Iech e flotten an attraktive Programm zesumme gestalt. Déi flott an interessant Trëppeltier bleiwen dobäi weider op eisem Programm stoen, genau sou ewéi de Smartphone-Café, deen een immense Succès huet. A wann et Iech da mol Mëttes langweileg ass, bidde mir Iech och weider eis flott Kinosnomëtteger un. Dobäi sinn eng Rëtsch interessant Visitten hei am Land, mee awer och am Ausland wou fir jiddereen eppes dobäi ass.

D'Visitt vun engem UNESCO-Kulturierwen an dem Worzeechen vum Saarland, eng guidéiert Tour an engem amerikanesche Bus duerch eis schéin Haaptstad, de Besuch bei enger lëtzebuergescher Distillerie genau esou ewéi vum Site vum CNA an der Fleegestatioun fir wëll Déieren zu Diddeleng stinn um Programm. Eisen Highlight vun dësem Trimester ass den Ausfluch op de Chrëschtmaart vu Stroossbuerg, d'Stad déi sech selwer Haaptstad vu Chrëschtdag nennt.

Mir hoffen datt mir ären Intressi ugereegt hunn an Iech geschwë gesinn.


*Mir freeën eis op Iech,*

**MARGOT A MANDY**



## TRËPPELTIER

mam
Edmond Pansin,



## SMARTPHONE-CAFÉ

GoldenMe


N°01



## FILM NOMËTTEG

«Qu’est-ce qu’on a fait au Bon Dieu ?»

N°02



## VISITT VÖLKLINGER HÜTTE

an der Saarschleife

N°03

# #CONTENT



FOIRE SENIORS

5. Editioun

N°04



LUNCH FOOD TOUR MAM VINTAGE BUS

Galerie d'art contemporain
& Espace Edward Steichen

N°05



KONFERENZ

Gesond a Monter
mam Ayurveda

N°06

№ 001-002



## VISITT CNA

& Fleegstatioun zu Diddelemg

N°07




## VISITT DISTILLERIE

Opyos Beverages

N°08



## VISITT CHRËSCHTMAART ZU STROOSSBUERG

Weihnachten im Elsass

N°09

# #CONTENT



FLOTTEN NOMËTTEG

Chalet am Park


N°10



FILM NOMËTTEG

"Die Familie Stone - Verloben verboten"


N°11



**Aus Respekt biede mir Iech d'Auerzäiten anzehalen!**







TRËPPELTIER

# TRËPPELTIER




mam Ed Pansin



**„Wenn du schnell gehen willst, dann gehe alleine. Wenn du weit gehen willst, dann musst du mit anderen zusammen gehen.“**

*(Afrikanische Weisheit)*

Déi gutt waarm Deeg sinn elo esou lues eriwwer a mat vill Gléck kréie mir e wonnerschéinen Indian Summer. An och wann net, eis Trëppeltier mam Ed sinn ëmmer flott an eng gutt Aart a Weis eis Natur ze genéissen.



D'Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir Iech gären eng Matfuergeleeënheet z'organiséieren.

**Konditioun: Gutt zu Fouss**

* Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedrénks matzehuelen! D'Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.

| DATUM | DEPART | DISTANZ |
|---|---|---|
| DËNSCHDES, 17\|09\|2024 | 14:00 AUER | 6 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 01\|10\|2024 | 14:00 AUER | 6 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 15\|10\|2024 | 14:00 AUER | 6 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 05\|11\|2024 | 09:00 AUER GANZEN DAG | MOIES 5 - 7 KM MËTTES 3 KM |
| DËNSCHDES, 19\|11\|2024 | 14:00 AUER | 6 - 8 KM |
| DËNSCHDES, 03\|12\|2024 | 14:00 AUER | 6 - 8 KM |

**UMELDUNG BIS DE JEEWEILEGEN DAG VIRDRU (ENG WOCH VIRDRU WA MIR DEE GANZEN DAG GINN) !**





# PROGRAMM
## VUM HIERSCHT
## 2024

# GoldenMe



# 01

## Smartphone-Café Barteng

croix-rouge
luxembourgeoise
Mënschen hëllefen





SMARTPHONE-CAFÉ

01

## ÄRE

# SMARTPHONE-CAFÉ


Mat GoldenMe a mam Jugendhaus vu Bartreng



Hutt Dir eng Fro zu Ärem Smartphone? Wéilt Dir virum Kaf vun engem neie Smartphone, Laptop oder Tablett berode ginn? Oder braucht Dir Hëllef bei de Funktionalitéite vun Ärem Smartphone oder Tablett?

Hei am Smartphone-Café kritt Dir eng individuell Berodung an Hëllefsstellung bei Froen zum Smartphone, Tablett a Co.

Bréngt ganz ouni Drock Är Froe mat op en entspaanten Nomëtteg a gemittlecher Atmosphär am Café an der Schauwebuerg an Dir kritt se wärend engem Eenzel Gespréich vun 30-40 Minutte beäntwert.






## DÉI NÄCHST SMARTPHONE-CAFÉË SINN AN DER MAISON SCHAUWENBURG UM ÉISCHTEN STACK:

| | | |
|---|---|---|
| SAMSCHDES, 19\|10\|2024 | 14:00 - 17:00 | UMELDUNG BIS JEEWEILS ENG WOCH VIRDRUN |
| SAMSCHDES, 23\|11\|2024 | 14:00 - 17:00 | |
| SAMSCHDES, 14\|12\|2024 | 14:00 - 17:00 | |

# 02




Qu’est-ce qu’on a fait au Bon Dieu ?





# FILMNOMËTTEG
# « QU'EST-CE QU'ON A FAIT AU BON DIEU ? »

02




Un film de Philippe de Chauveron

Claude et Marie Verneuil, issus de la grande bourgeoisie catholique provinciale sont des parents plutôt «vieille France». Mais ils se sont toujours obligés à faire preuve d'ouverture d'esprit...

Les pilules furent cependant bien difficiles à avaler quand leur première fille épousa un musulman, leur seconde un juif et leur troisième un chinois.

Leurs espoirs de voir enfin l'une d'elles se marier à l'église se cristallisent donc sur la cadette, qui, alléluia, vient de rencontrer un bon catholique.



## MERCREDI,
25|09|2024

| | |
|---|---|
| OÙ : | ARCA |
| HORAIRE : | 15:00 |
| PRIX : | GRATUIT |

*Movie Time*

| | |
|---|---|
| DURÉE DU FILM : | 97 MINUTES |
| INSCRIPTION JUSQU'AU: | 24\|09\|2024 |

# 03



Völkinger Hütte an der Saarschleife

unesco
Völkinger Hütte
Welterbe seit 1994







OKTOBER

03

# VISITT VUM WELTKULTURIERWEN

# VÖLKLINGER HÜTTE AN DER SAARSCHLEIFE



Dësen Ausfluch féiert eis an dat weltwäit eenzeg erhalent Eisewierk aus der Bléizäit vun der Eisen- a Stolindustrie wat och dat éischt Industriedenkmal aus där Epoche ass wou zum UNESCO-Weltkulturierwen erklärt gouf.

1986 gouf hei de leschten Héichuewen ofgeschalt an huet Plaz gemaach fir ganz nei Projeten. Op eng eenzegaarteg Aart & Weis verbënnt d'Völklinger Hütte Industriekultur, modern Ausstellungen, Concerten an d'Wëssenschaft ëm d'Welt vum Eisen. Hei erwaart eis eng geféiert Tour duerch dat alt Wierk.

**Mëttes gi mir och e gudde Maufel iessen.**

Nom Mëttesdësch fuere mir op dee bekannte „Baumwipfelpfad" vun der Saarschleife, wou dir eleng kënnt tréppele goen. Mat enger Längt vun 1250 Meter an enger Héischt vun 42 Meter bitt dëse flotte Wee e fantastesche Bléck op d'Natur an d'Landschaften aus dem Naturpark Saar-Hunsrück.

Fir déi, wou net esou gär an d'Héicht klammen, ginn et och flott kleng Weeër ronderëm de Panoramatuerm.



## MËTTWOCHS,


09|10|2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| DEPART: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI | RETOUR: | 19:30 |
| AUERZÄIT: | 07:15 | UMELDUNG BIS: | 20|09|2024 |
| PRÄIS: | 65 € (OUNI IESSEN) | KONDITIOUN: | GUTT ZU FOUSS |

# 04



## Foire ronderëm den Alter







04



# FOIRE SENIORS 2024

## 5. EDITIOUN

### KOMMT A BESICHT EIS OP DER FOIRE SENIORS.

Hei dréit sech alles dorëms, Iech iwwert déi verschidden Themen ze informéieren a beroden ze loossen, déi Iech am spéiden Alter betreffen. Dir entdeckt hei allerlee Neits, fannt Inspiratioun, flott Iddien an nëtzlech Informatioune fir Är Projeten.



### WÉINI:

**SAMSCHDES,**
12|10|2024

| | |
|---|---|
| WOU: | CENTRE ATERT |
| AUERZÄIT: | 10:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |



# 05



## Galerie d'Art contemporain « Am Tunnel »







OKTOBER

05


# LUNCH FOOD TOUR

## & VISITT VUN DER GALERIE D’ART CONTEMPORAIN « AM TUNNEL »



*(Lunch Food Tour an engem amerikanesche Vintage Bus mat guideierter Tour duerch ons Stad an Visit vun der Galerie d’Art contemporain «Am Tunnel» & Espace Edward Steichen.)*

Haut fuere mir mat engem alen amerikanesche Schoulbus e klengen Tour duerch d’Stad. Mir fänken u mat engem flotte Menü dee mir am Bus zerwéiert kréien. Spéider kréie mir eng guidéiert Visitt vun der Stad wou mir gesinn ewéi déi verschidde Quartieren sech verännert an evoluéiert hunn.



Mëttes féiert de Bus eis an d’Galerie d’Art contemporain «Am Tunnel» ënnert dem Sëtz vun der Spuerkeess um Plateau Bourbon. Ze bidden huet si ganz vill. Et ginn ëmmer verschidden thematesch Ausstellunge vun internationale Kënschtler, en Deel ass awer ganz dem Lëtzebuerger Fotograf Edward Steichen gewidmet.

**Um Menü steet:**

Als Entrée gëtt et Rieslingspaschtéit.

Als Haaptplat:
Escalope de Porc Grand-Mère matt Nuddelen a Geméis oder Filet de Sandre aux Concombres matt Nuddelen a Geméis.

Dessert:
2 Bulle Glace, e Stéck Taart oder eng Uebstzalot

**MËTTWOCHS,**
**23|10|2024**

| | | | |
|---|---|---|---|
| DEPART: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI | RETOUR: | 17:00 |
| AUERZÄIT: | 11:30 | UMELDUNG BIS: | 04\|10\|2024 |
| PRÄIS: | 130 € (MAT IESSEN) | | |

# 06



## Gesond a monter mam AyurVeda








06

# KONFERENZ
# GESOND A MONTER MAM AYURVEDA

Mam Här Michel Hubert - Meditatiounscoach



Vir d'éischt maache mir eng kuerz Widderhuelung vum 1. Virtrag vum 28. Mäerz 2024, an zwar esou, dat och d'Leit déi dës Konferenz verpasst hunn alles gutt verstinn. Si kréien och all d'Ënnerlage vun der 1. Konferenz mat. Esou huet jidderee ë gudde Basisdossier iwwert dëst wäertvollt Wësse vum glécklechen, gesonden a laange Liewen.

**Hëllef, ech sinn net gutt drop! – mir kucke ganz praktesch…**

- Wéi erkennen ech dat de Vata, Pitta, Kapha gestéiert sinn?
- Wat kann ech maache fir déi Stéierungen ze vermeiden?

**Mat ganz prakteschen Tipps vum Dr. Med. Ernst Schrott schwätze mir iwwert…**

- de Ghee *(Botterschmalz)* als Liewenselixir a Verjéngungsmëttelen
- waarmt Waasser *(méi interessant wéi dir elo denkt)*
- Gesond Ernärung, onkomplizéiert
- Schlofstéierungen – an nach méi
- Schlaken an Toxinnen am Kierper, a wéi een se lass gëtt



Mir maachen och nees en ayurvedeschen Typentest, a selbstverständlech gëtt et och dës Kéier nees gesond Séissegkeeten *(Ladus)*, Gewierztéien a Gewierzmëschungen ze probéieren.

## DONNESCHDEG,
07|11|2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| DÉPART: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI | WOU: | MAISON SCHAUWENBURG (2. STACK) |
| AUERZÄIT: | 15:00 - 17:00 | | |
| PRÄIS: | GRATIS | UMELDUNG BIS: | 31\|10\|2024 |

NOVEMBER

# 07



## CNA & Fleegestatioun fir wëll Déieren










# VISITT VUM CENTRE NATIONAL DE L'AUDIOVISUEL (CNA)

# & DER FLEEGESTATIOUN FIR WELL DEIEREN ZU DIDDELENG

07



Kennt dir den CNA vun Diddeleng? Hir Missioun ass d'Conservatioun an d'Valorisatioun vun eisem audiovisuellen Ierfgutt *(Film, Fotografie an Toun)* an dësen de Leit zougänglech ze maachen. Hei kréie mir eng guidéiert Visitt vun zwou Stonne wou mir den CNA gewise kréien an hir aktuell Expoe kucke kennen.

Hongreg bleiwe mir awer och net.
D' Mëttegiesse gëtt et am Restaurant Parc Léh.

Nom Iesse besiche mir nach d'Fleegestatioun fir wëll Déieren déi et säit 1988 gëtt. Hir Aufgab ass et krank, verweest oder verletzt wëll Déieren opzehuelen, ze fleegen an se beschtefalls erëm an hiren natierleche Wunnraum ze integréieren. D'Sensibilisatioun vun de Leit ass och e grousse Volet vun hirer Aarbecht.



## MËTTWOCHS,
13|11|2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| DÉPART: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI | RETOUR: | 17:00 |
| AUERZÄIT: | 09:15 | UMELDUNG BIS: | 04\|11\|2024 |
| PRÄIS: | 30 € (OUNI IESSEN) | | |

# 08




Distillerie OPYOS Beverages







NOVEMBER

08

# VISITT VUN DER **DISTILLERIE OPYOS BEVERAGES**



Esou lues huet bal jiddereen de Goût un engem gudde Glas Gin fonnt. Duerfir géife mir gären eise lokale Produzent Opyos Beverages besiche goen.

Inspiréiert um lokalen Ierwe vum Groussherzogtum Lëtzebuerg stellt Opyos Beverages kleng Quantitéiten u Spirituosen hier. Den eenzegaartege Goût vun Opyos kënnt aus der feiner Ofstëmmung tëscht heemesche Botanicals a produkttypeschen Inhaltsstoffer. D'Resultat ass eng exklusiv Gamm u Produiten ausgezeechent duerch di kräfteg Aromae vum lokalen Territoire.

Mir ginn als éischt d'Distillerie Diedenacker zu Niederdonven kucken, Iessen ënnerwee a fueren dono op Keiwelbaach d'Kellerei kucken. Op den zwou Plaze kréie mir och ëmmer eng Degustatioun gebueden an dir kënnt och gären hir beléift Produkter kafen. Villäicht schonn als klenge Chrëschtkaddo?




## MËTTWOCHS,
27|11|2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| DEPART: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI | RETOUR: | 18:00 |
| AUERZÄIT: | 09:00 | UMELDUNG BIS: | 13\|11\|2024 |
| PRÄIS: | 55 € (OUNI IESSEN) | | |

# 09



Chrëschtmaart zu Stroossbuerg








09

# VISITT VUM **CHRËSCHTMAART ZU STROOSSBUERG**



Gëtt et eng méi schéin Zäit ewéi d'Chrëschtzäit? All déi schéine Liichter iwwerall, d' Freed op déi besënnlech Zäit mat der Famill an d'Kaddoen déi e kritt a maache kann, dat gutt Iessen an déi schéi Chrëschtmäert.

Dofir fuere mir dëst Joer op Stroossbuerg, ee vun de bekanntsten an eelsten europäesche Chrëschtmäert besichen. Wärend engem Mount verwandelt déi elsässesch Haaptstad sech an d'Haaptstad vu Chrëschtdag. Hei fannt dir méi ewéi 300 Stänn op verschidde Plazen a feierlech Beliichtungen duerch d' ganz Stad.

Kommt mat eis a loosst Iech vun der schéiner chrëschtlecher Atmosphär ustiechen.











## MËTTWOCHS,
04|12|2024

| | | | |
|---|---|---|---|
| DEPART: | GEMENG/DICKS/ARCA/FLEURI | RETOUR: | GÉINT 21:30 |
| AUERZÄIT: | 08:00 | UMELDUNG BIS: | 15\|11\|2024 |
| PRÄIS: | 40 € (OUNI IESSEN) | | |

# 10



## Flotte Nomëtteg am Chalet







# FLOTTEN QUIZ NOMËTTEG
# AM CHALET

10



An dëser fiichter a kaler Zäit ass et net ëmmer flott eleng doheem ze setzen an dofir bidde mir Iech e ganz flotten Nomëtteg an eisem Chalet un, deen am Park steet.

Bei gudder Gesellschaft mécht et Spaass bei engem flotte Quiz Nomëtteg matzemaachen. Hei triet Dir a Gruppe géint eneen un a kennt an e puer Ronnen Äert Wëssen iwwert eis schéint Lëtzebuerg weisen.

Dir kënnt awer och einfach nëmme beienee setzen a poteren. Fir Iessen a Gedrénks ass gesuergt.

Kommt bis laanscht a verbréngt e puer flotter Stonne mat eis, mir freeën eis drop.



## DËNSCHDES,
10|12|2024

| | |
|---|---|
| WOU: | CHALET AM PARK |
| AUERZÄIT: | 15:00 - 19:00 |
| PRÄIS: | CONSOMMATIOUNEN |

UMELDUNG BIS FREIDES VIRDRUN

# 11



Die Familie Stone - Verloben verboten!











# FILMNOMËTTEG

# “DIE FAMILIE STONE – VERLOBEN VERBOTEN”


11



Ein Film von Thomas Bezucha

Die Familie Stone - Verloben verboten! ist eine urkomische Geschichte über das jährliche Festtagstreffen einer Familie, der Stones, aus Neuengland. Der älteste Sohn bringt seine Freundin mit nach Hause, damit sie seine Eltern, Brüder und Schwestern kennenlernen kann. Die freizügigen Stones begrüßen ihre Besucherin - eine machthungrige, kontrollierende New Yorkerin - mit einer Mischung aus Unbeholfenheit, Verwirrung und Feindseligkeit. Bevor die Feiertage vorbei sind, gehen Beziehungen in die Brüche, während neue entstehen, Geheimnisse werden gelüftet, und die Familie Stone findet durch ihre außergewöhnliche Fähigkeit zur Liebe wieder zusammen.



## MËTTWOCHS,

18|12|2024

Movie Time


| | |
|---|---|
| WOU: | ARCA |
| AUERZÄIT: | 15:00 |
| PRÄIS: | GRATIS |

| | |
|---|---|
| FILMDAUER: | 103 MINUTTEN |
| UMELDUNG BIS: | 10\|12\|2024 |





# EISE FOTOS RËCKBLÉCK













# TRËPPELTIER

mam Ed Pansin










PARKINSON
LUXEMBOURG
Bistrot « La Tulipe »

# PARKINSON

18.04.2024








Cloches







# TELLIN ET REDU

02.05.2024









Primitif flamand ?
Vlaamse primitieven?


Primitif flamand ?











# PROVENCE
12.05.2024 - 19.05.2024
















TRIBUNAL
DE
COMMERCE




























LE FRANCE





FOTOEN


















CAMARGUE
AUTREMENT


CAMARGUE
AUTREMENT
SAFARI 4X4
EL-652-AZ
















DEMYCARS
FIRSTCLASS










CONTIGO



# OOCHEN

12.06.2024






# Notizen

NOTIZEN

Commune de BERTRANGE

# ZONE DE RENCONTRE

## LES RÈGLES PRINCIPALES :

- La voie publique est ouverte à la circulation motorisée, cycliste et piétonne
- Vitesse maximale autorisée de 20km/h
- Priorité à droite absolue
- Le stationnement est interdit sauf sur les emplacements aménagés

## STATIONNEMENT AVEC DISQUE BLEU

| | | |
|---|---|---|
| 1 | Stade A.Wolff | 64 / 4 h/max |
| 2 | Cimetière | 30 / 4 h/max |
| 3 | Central | 125 / 4 h/max |
| 4 | Poste | 12 / 2 h/max |
| 5 | Hall sportif Gemeng | 6 / 1 h/max |
| 6 | Beim Schlass | 13 / 1 h/max |
| 7 | Rue de la Fontaine | 8 / 2 h/max |
| 8 | Parking Péitruss | 83 / 4 h/max |
| 9 | Parking Tennis | 18 / 4 h/max |
| 10 | Parking Atert | 22 / 4 h/max |
| 11 | Parking Gemeng | 24 / 2 h/max |
| A | Parking ArcA | 51 / 48 h sans disque |




## HORAIRES DE STATIONNEMENT:

**JOURS OUVRABLES DU LUNDI AU VENDREDI DE 08H00 À 18H00**

# INFORMATIONEN - INFORMATIONS

Einschreibung // Inscription

## WICHTIGE HINWEISE:

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zu Veröffentlichungen im Club und auf der Homepage der Gemeinde Bartringen genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

## AVIS IMPORTANTS:

L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.

## EINSCHREIBUNGEN /// INSCRIPTIONS

CLUB AM SCHLASS – 26 312 250/255 OU CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU

COMPTES BANCAIRES: BCEE LU15 0019 1001 0292 6000

CCPL LU54 1111 0070 9110 0000

Club Am Schlass
*centre de rencontre*


SERVICE SENIORS
2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

LUNDI - VENDREDI DE 08:00 - 16:00

EMAIL: CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU
TELEFON: 26 312 - 250 / - 255

Club Am Schlass


WWW.BERTRANGE.LU



Commune de BERTRANGE